PIRATEPARTEI LËTZEBUERG
1A, RUE DE LUXEMBOURG
L-8184 KOPSTAL

Koplescht, den 23te Mäerz 2022

Communiqué

Den 3te Februar 2022 hat d'Verwaltungsgeriicht an engem Fall tëscht eiser Partei an dem Staatsministère decidéiert, dass eise Bilan, dee mir fir d'Joer 2018 präsentéiert haten, richteg war.

De 15te Mäerz krute mer Post vum Premierminister Xavier Bettel. Et war eng erfreelech Post, well de Premierminister huet eis matgedeelt, dass hien d'Geriichtsurteel vum 3te Februar 2022 akzeptéiert. Domadder ass kloer, dass d'Piraten an dëser Affär Recht haten.

D'Fro vun der Legalitéit vu verschiddenen Donen ass domadder gekläert. Mir Piraten waren der Meenung, dass **all** Don muss transparent am Bilan opgeluecht ginn, wat mer och esou gemaach hunn. Eis Partei huet a senger Interpretatioun vum Gesetz op ganzer Linn vum Verwaltungsgeriicht Recht krut: net nëmmen hu mer d'Saache richteg deklaréiert, mee d'Geriicht bestätegt och, dass mir an eisem Virgoen an absolutter Transparenz gehandelt hunn.

Am Nachhinein bleift awer d'Fro, ob déi aner Parteien an der Vergaangenheet hier Donen ëmmer richteg deklaréiert hunn. Fir Zukunft ass lo op mannst kloer: alles muss opgeluecht ginn.

Mir freeën eis haut doriwwer, dass de laange Prozess um Geriicht um Enn een Erfolleg war!